ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Rout Kräiz huet an engem Schreiwes vum 10. August op eng Rei Problemer higewisen, déi am Hibléck op d'Blutttransfusioune bestinn. Bis elo läit d'Responsabilitéit fir d'Organisatioun an d'Ofwéckele vun de Blutttransfusiounen hei am Land haaptsächlech beim Roude Kräiz. An deem Kontext stellen sech awer eng ganz Rei Froen, z.B. och iwwert déi legal Ofsécherung vum Roude Kräiz, am Fall, wou et zu Komplikatioune géif kommen. D'Rout Kräiz wär deemno engem andauernden héije legale Risiko ausgesat.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Ass et an den Ae vun der Madamm Minister normal, datt d'Rout Kräiz bal eleng fir d'Organisatioun an d'Ofwéckele vun de Blutttransfusiounen hei am Land zoustänneg ass? Wier et an den Ae vun der Madamm Minister net opportun, datt och de Staat sech bei der Organisatioun an dem Ofwéckele vu Blutttransfusioune géing méi engagéieren, an domat och méi e groussen Deel vun der Responsabilitéit géing iwwerhuelen?
2. Wat gedenkt d'Madamm Minister elo konkret ze ënnerhuelen, fir deem Mëssstand, op deen d'Rout Kräiz higewisen huet, entgéintzewierken an d'Situatioun vum Roude Kräiz am Hibléck op seng zivilrechtlech Verantwortung besser ze encadréieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten